Ufroen vu Medaillen an Diplomer

Mir erënneren drun, datt d'Medaillë fir eis Memberen 2 Méint virun der Iwwerreechung mussen ugefrot ginn. Eist Sekretariat ka soss net garantéieren, datt d'Medaillen an d'Diplomer mat Zäit kënne fäerdeg sinn. Mir bieden drëm, datt Enn des Jors 2009, no Cäciliendag, keng Medaillen méi ugefrot ginn, also an der Zäit tëschent dem 1. Dezember an dem 1. Februar, well d'Zäitspan fir d'Medaillen an d'Diplomer fäerdeg ze maachen, an där Zäit aus verschiddene Grënn nach vill méi laang kann daueren. Duerfir biede mir eis Chéier, d'Medaillen an d'Diplomer, déi am Dezember an am Januar iwwerreecht ginn, schonns am November unzefroen.

Oktav 2009

D'Oktavmass fir de Piusverband ass dëst Joer e Samschdeg, den 9. Mee, owes um halwer 7, an der Kathedral. D'Chorale Sainte-Cécile vu Clierf huet sech ëm de musikaleschen a gesangleche Programm gekëmmert. – Sonndes, de 17. Mee, nomëttes vun 3 Auer un, gi mir äis Rendez-vous an der Rue de l'Ancien Athénée, wou d'Gesangstexter verdeelt ginn, éier mir an d'Schlussprëssioun erakommen.

UNION SAINT PIE X
64, rue Charles Martel L-2134 Luxembourg
Tél.: 26 20 18 99 Fax: 26 20 18 98

www.piusverband.lu
Secrétariat: saintpie@pt.lu
Centre de documentation: unionpie@pt.lu
Layout: Fernand Kridel

Piusblietchen
Informatiounsblat vum Piusverband
Nummer 1 / Februar 2009

Just e Wuert

D'Joer 2009 steet fir de Piusverband am Zeechen vu sengem 40. Jubiläum. Mir wëllen dat an aller Bescheidenheet maachen, mam VII. Concert National mat de „Pueri Cantores" an der Philharmonie, mat enger Extra-Nummer vum Canticum Novum am November 2009, mat zwou neie Broschüren a mat engem extrae Stempel vun der Post. De Comité Central hofft op d'Mataarbecht an op d'Präsenz vu ville Membere beim Concert an am allgemengen op déi weider Ënnerstëtzung vu senge Choralen.

Roby ZENNER
President vum Piusverband

Umeldungen fir 2009

De Comité Central erënnert d'Choralen un d'Umeldunge vun hiren aktive Memberen, vun hirem Comité a vun den Interesséierten un enger Casko-Versécherung, un d'Abonnementer vun den auslännesche Revüen, mee och – eng Neierung – un d'Bestellung vum Canticum Novum fir déi eenzel Memberen, déi e gär hätten.

Gitt Member vum „Comité d'Honneur"

De Comité Central vum Piusverband géif sech extra freeën, wa méiglechst vill vun de Memberen an de Kierchechéier sech wéilten an de „Comité d'Honneur" vum 40. Anniversaire aschreiwe loossen. All Don ass wëllkomm, an e kann am Kader vun de gesetzleche Bestëmmunge vun de Steieren ofgesat ginn, well de Piusverband de „Statut d'utilité publique" huet. Den Don ass ze schécken op de Kont BCEE LU58 0019 2655 8329 0000 vun der „Union Saint Pie X – 40e anniversaire".

Regionalversammlungen 2009

Elo schonns läit de Programm vun de Regionalversammlungen 2009 fest, all Kéier owes um halwer 8:
21. September: Béiwen (Bavigne) am Centre Culturel; 23. September: Brouch/Miersch am Festsall op der Areler Strooss; 25. September: Duelem am Centre Culturel; 29. September: Keel an der „Schungfabrik“ zu Téiteng; 30. September: Mamer am Festsall vum Schlass.

Neie Verdeelungsmodus vum Canticum Novum

Fir déi 4 Nummeren 2009 vum Canticum Novum huet de Comité Central e ganzt schéint Bild fir d'Titelsäit erausgesicht, eppes ganz aneschters wéi alles dat, wat mir bis elo haten. Loosst lech iwwerraschen! Vum Mäerz 2009 u gëtt de Canticum Novum op eng ganz aner Aart a Weis verdeelt wéi bis elo. Zënter Jore kritt de Korrespondent de ganze Pak vun de Bestellungen heem geschéckt. Vun 2009 u kréien all déi Membere vun de Choralen, déi extra dofir op der Lëscht agedroe gi sinn, de Canticum Novum duerch d'Post perséinlech heem geschéckt. Dat verhënnert, datt päckweis Exemplären an de Proufsäll an um Ducksall leien an datt et Retarden an der Zoustellung fir déi eenzel Membere gëtt. Well d'Deckelsäiten awer am Februar 2009 matenee fir déi 4 Nummere gedréckt ginn, fir esou Käschten ze spueren, kënnen nom Februar 2009 keng Bestellungen an och keng Nobestellunge fir de Canticum Novum méi ugeholl ginn.

Zwou nei Broschüren

Am Kader vum 40. Anniversaire gëtt de Comité Central zwou nei Broschüren eraus, déi eng mat den neie Reglementer vum Piusverband, an déi aner fir d'Oktav 2009 ënnert dem Titel „Die Marienverehrung in Luxemburg im Licht der Kirchenmusik“, eng Zesummestellung vum Abbé Claude Bache, Conseiller théologique vum Piusverband, iwwert den Ufank an d'Entwécklung vun der Muttergottesveréierung zu Lëtzebuerg. All Chouer vum Piusverband kritt eng Broschür gratis.

National Medaillen

Fir den Nationalfeierdag vergëtt de Staatsministère Auszeechnungen an den nationalen Uerden. Dat ass och de Fall fir laangjäreg Kierchesänger mat extrae Verdéngschter. D'Prozedur ass déi hei: D'Chéier schécken op engem Virdrock hir Virschléi un de Piusverband, an dee gëtt se weider un de Ministère. Déi Virschléi vun de Kierchechéier mussen op jidde Fall bis spéitestens den 10. Mäerz 2009 an de Piusverband eragereecht ginn. Duerno kënne keng Virschléi méi ugeholl ginn.

Unsere Kaskoversicherung

Wenn im Laufe einer Veranstaltung am Wagen ein Blechschaden oder ein Diebstahl, ein Scheibenbruch oder Schäden durch Brand entstehen, kann dies durch die Kaskoversicherung entschädigt werden. Jeder Wagen ist auf „Erst-Risiko“ bis zur Summe von 33 350 Euro versichert. Ein Selbstbehalt (Franchise) von nur 300 Euro besteht, wenn kein Drittversicherter bei dem Unfall bekannt ist.
Zur Erklärung: Erst-Risiko heißt, dass alle Schäden bis zur Summe von 33 350 Euro bezahlt werden, ohne Anwendung einer Proportionalregel.
Wenn bei einem Unfall ein Drittversicherter bekannt ist, besteht keine Franchise, ob Schuldvermutung vorliegt oder nicht. Beispiel: Zur Hin- oder Rückfahrt wird der Wagen durch einen herumstreunenden Hund beschädigt. Wird der Besitzer des Hundes ausgemacht, dann besteht keine Franchise; ist dies nicht der Fall, dann besteht der Selbstbehalt von 300 Euro. Bei Wildschäden ist dies nicht der Fall, da das Wild keinem gehört. Es muss nicht unbedingt ein Fahrzeug sein; es könnte auch eine Mauer sein, bei der die Drittperson ermittelt werden kann. Bei der angeschlossenen Scheibenbruchversicherung sowie bei der Feuer- und Diebstahlversicherung bestehen keine Franchisen.
Sollte ein Blechschaden an einem teuren Wagen entstehen, der privat kaskoversichert ist und hier einen Freibetrag von 1250 Euro oder mehr vertraglich festgelegt ist, so soll man den Schaden trotzdem beim Piusverband melden. Der Unterschied von 1250-300=950 Euro wird dann erstattet. Dies gilt auch bei anderen Franchisen, die höher als 300 Euro sind.
Da alle Verträge ihren Verfallstag am 1. Januar eines jeden Jahres haben, soll jeder Verein Sorge tragen, dass die Beiträge und Prämien vor Jahresende gezahlt sind. Sollten im Laufe des Jahres Änderungen eintreten, so kann durch Nachmeldung beim Piusverband ein Nachtrag erfragt werden.
Zu Fragen über Versicherungen kann man sich wenden an den Generalkassierer Georges Kuffer am Sitz des Piusverbandes oder privat unter Tel. 58 89 73 oder GSM 621 13 24 18 oder E-mail kufferge@pt.lu.

Chronik 1969 – 1994

D'Chronik vun der Grënnung am Joer 1969 un bis 1994, wéi de Piusverband säi 25. Gebuertsdag gefeiert huet, ass an där schéiner Broschür vum 25. Anniversaire veröffentlecht ginn. Duerfir mécht et kee Sënn, deen Deel vun der Geschicht nach eng Kéier drécken ze loossen. Wien déi éischt 25 Joer vum Piusverband wëllt noliesen, kann d'Dokument op eisem Internet-Site fannen; et kann een d'Dokument um Pabeier awer och an eisem Generalsekretariat ufroen, da gëtt et gratis verschéckt. D'Chronik vun 1995 bis 2009 veröffentleche mir an der Extra-Nummer 4/2009 vum Canticum Novum am November 2009.